**Communiqué**

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2023

**D'FEDIL weess net wat 40 Stonnen d'Woch schaffen heescht.**

*D'Aarbechtszäit verlängeren, d'Salariée méi kontrolléieren an d'natierlech Ressourcen opbrauchen. D'Fedil weist op e neits, dass se net versteet wat am Moment déi wierklech Defie fir d'Land an doriwwer eraus fir d'Mënschheet sinn.*

D'Argument dass et un Aarbechter an Aarbechterinne feelt ass net onbedéngt falsch, mee et ass och dem Patronat seng Schold, well et säit Joren alles dru setzt Aarbechtsbedéngungen ze verschlechteren. Stänneg Attacken op d'Léin, d'Fuerderung no ëmmer méi flexibelen Aarbechtszäiten an d'Asetze vu prekären Aarbechtskontrakter sinn natierlech keng gutt Argumenter fir qualifizéiert Aarbechter an Aarbechterinnen an der Industrie unzelackelen. Elo kënnt och nach dobäi dass krank Salariéen ënnert Generalverdacht gestallt ginn a méi streng solle kontrolléiert ginn. Wéi eng Léiere goufen aus der Pandemie gezunn? Keng anscheinend!

Dobäi kënnt dass d'Produktivitéit an deene leschte Joerzéngte staark gewuess ass. Des Produktivitéitsgewënner sinn an de Profitter gelant, d'Aarbechter an d'Aarbechterinnen hunn dovunner wéineg gesinn. Haut elo kréien d'Leit virgegaukelt, dass Pandemie, Liwwerketteprobleemer an Energiepräisser kee Spillraum fir Verbesserunge fir d'Salariat bidden. Dobäi erziele grad Industriebetriber an dëser Zäit Rekordgewënner. Alles gëtt dru gesat fir d'Profitmargen eropzedrécken, sief et op Käschte vun de Léin oder der Liewenszäit vun de Salariéen.

Schlussendlech ass déi logesch Konsequenz vum technesche Fortschrëtt vun de leschte Joerzéngten eng Aarbechtszäitverkierzung. Mee net just d'Aarbechtsproduktivitéit spillt eng Roll. De Schutz vun den natierleche Ressourcen, méi Zäit fir Famill, déi eegen Entfalung a manner Stress an natierlech eng méi gendergerecht Opdeelung vun der Care-Aarbecht maachen en déifgräifend Ëmdenken an der Wirtschaft dréngend noutwenneg. An d'Aarbechtszäit spillt doran eng zentral Roll.

Schonn am Walkampf 2018 hunn déi Lénk ee progressiivt Erofschrauwe vun der Aarbechtszäit bis op eng 32-Stonnewoch proposéiert. Dës Reduktioun ass méi wéi jee dréngend.

D'Fedil beweist mat hire Proposen dass se eng vereelzt a souguer geféierlech Organisatioun ass, déi de Profit iwwert all aner Consideratioun stellt, a sief dat d'Iwwerliewe vum Planéit.